LSAP

N°3741
Entrée le 09.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 09.03.2026
Chambre des Députés

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Innenminister weiderzeleeden.

Laut engem Communiqué vum Inneministère ass am Kader vun engem Treffen tëscht dem lëtzebuergeschen an dem rumäneschen Inneminister en Accord iwwer en administrativen Arrangement bei der Police fonnt ginn. Dësen Arrangement gesäit vir, datt d'Policeautoritéiten aus béide Länner am Kontext vun der Mendicitéit méi enk zesummeschaffe sollen.

An deem Kontext géing ech dem Här Inneminister follgend Froe stellen:

- Laut dem Communiqué wäerten ab Mee 2026 rumänesch Policebeamten zu Lëtzebuerg present sinn. Fir wéi eng Dauer ass d'Presenz vu rumänesche Policebeamten zu Lëtzebuerg virgesinn?
- Wéi eng Kompetenze sollen déi rumänesch Policebeamten am Kader vun dësem Arrangement hunn a wéi wäit däerfen si zu Lëtzebuerg intervenéieren?
- A wéi enge Beräicher oder Situatioune sollen déi rumänesch Policebeamten intervenéieren, déi net schonn duerch d'Lëtzebuerger Police ofgedeckt ginn?
- Wat sinn déi konkret Erwaardunge vum Ministère vis-à-vis vun däser Zesummenaarbecht?
- Wéi vill rumänesch Policebeamte sollen am Kader vun dësem Arrangement zu Lëtzebuerg agesat ginn?

Mat déiwem Respekt

Dan Biancalana

Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu